N°3039
Entrée le 15.10.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 16.10.2025
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 15/10/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, biede mir lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Verdeedegung weiderzeleeden.**

Aus de rezenten Noriichte geet ervir, datt Lëtzebuerg, zesumme mat de Benelux-Partner, d'Acquisitioun vun engem gemeinsame Loftverdeedegungssystem plangt. Dëse Schrëtt schéngt en Deel vun enger verstäerkter regionaler Zesummenaarbecht am Beräich vun der Verdeedegung ze sinn, besonnesch am Kader vun der aktueller geopolitescher Lag. D'Thema vun der nationaler a kollektiver Loftverdeedegung ass vu grousser Bedeitung fir d'Sécherheet vum Lëtzebuerger Territoire a senge strategesch wichtege Funktiounen.

Et stellt sech d'Fro, wéi dës Benelux-Initiativ sech zur European Sky Shield Initiative (ESSI) verhält, vun där Lëtzebuerg bis ewell keen Deel ass, wéi och de genauen Ëmfang, d'Käschten an de Personalbedarf vun deem geplangte System.

An deem Zesummenhang wéilte mir der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wéi eng konkret Loftverdeedegungssystemer ginn am Kader vun der Benelux-Zesummenaarbecht evaluéiert oder sinn an der Acquisitioun virgesinn?

2. Wéi eng Zort Schutz (z.B. géint Rakéiten, Dronen oder Fligeren) soll duerch dëse Benelux-System fir Lëtzebuerg garantéiert ginn?

3. Wéini gëtt dëse geplangte System operationell a wéi héich ginn déi gesamt finanziell Käschte fir Lëtzebuerg fir d'Acquisitioun, den Ënnerhalt an den Asaz geschat?

4. Wéi vill zousätzlecht Personal wäert d'Lëtzebuerger Arméi brauchen, fir d'Operatioun an den

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

Ennerhalt vun dësem System ze garantéieren, a wéi gëtt dëse Personalbedarf gedeckt?

5. Wéi positionéiert sech dës Benelux-Initiativ zu der European Sky Shield Initiative (ESSI), a gouf d'Optioun vun engem Bäitrëtt zur ESSI an d'gläichzäiteg Benelux-Kooperatioun ënnersicht?

6. Ass dëse Projet en Ersatz fir virdrun diskutéiert national oder multilateral Loftverdeedegungspläng, a wa jo, aus wéi enge Grënn koum et zu dëser Neiorientéierung an der Strategie?

Mat déiwem Respekt,

| | |
|---|---|
| CLEMENT Sven | GOERGEN Marc |
| Deputéierten | Deputéierten |